

ëmbauen, dass d'ADEM sech och kann do anstänneg installéieren, an dass dann awer och d'Chômeuren, déi dann dohinner komme fir hir Affären ze maachen, och net méi brauchen op der Strooss ze stoen, dass mer dat dann och méi accueillant maachen, well dann hu mer jo Plaz genuch.

Also, ech géif mengen, et geet elo duer, well wann Dir fäerdeg sidd mat Belval, dann ass keng Plaz méi do. Also, an Esch ass net méi vill Plaz. Macht elo emol e bësse lues. Elo baue mer emol dat, wat mer eis virgeholl hunn, an da plange mer. Kommt mer halen op, well d'Politik ass kee Wunschkonzert. Et kann ee sech alles wënschen, mä awer kommt mer maachen dat emol, wat mer elo geplangt hunn. An da maache mer deen nächste Schrëtt. Well ech fäerte ganz, wa mer eis ëmmer op Belval konzentréieren, da bleiwen déi aner Projeten zu Esch leien. An dat wär dann awer och net gutt.

» M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Dann huet d'Regierung d'Wuert. Den Här Bauteminister Claude Wiseler.

» M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics*.- Jo, villmools Merci. Ech wëll och ufänken, andeem ech all deene Leit, bei der Rapportrice ugefaangen, fir

d'Kollaboratioun an dësem Projet Merci soen. Ech mengen, mir si gutt weiderkomm, déi Zäit, déi mer gebraucht hunn, fir hei d'Prozedur ze maachen. Déi puer kleng Méint beweisen, datt de Projet relativ schnell gaangen ass a mer och schnell kënnen op esou Projete schaffen.

Ech hunn hei festgestallt, datt mer eng grouss Unanimitéit op deem Projet hunn, datt allgemeng grouss Zefriddenheet ass iwwert d'Aart a Weis wéi mer hei an der Chamber zesummege schafft hunn, wéi mer mam Schäfferot vun der Gemeng Esch konnten zesummeschaffen. Ech stelle fest, datt déi Kritiken, déi komm sinn, entweder aner Projete concernéieren oder Froe sinn iwwert d'Justizwiesen. Do ass et net u mir ze äntwerten. Ech wëll also och net do-robber agoen.

Ech wëll just soen, datt hei e Projet ass, wou mer, wéi gesot, mat der Gemeng probéiert hunn am Urbanismus, am Kader wéi d'Gemeng ëmfunktionéiert gëtt, wéi déi Plazen do elo nei gestalt ginn, Konzepter ze fannen, déi logesch sinn, déi matenee ginn, datt mer hei probéiert hunn, op eng - an dat ass fir mech wesentlech - rationell Aart a Weis weiderzekommen, e Gebai dohinner-zustellen, wat en einfacht Gebai ass vu senger Funktionalitéit hier, vun der Aart a Weis wéi mer bauen, vun de Materialien, déi mer gebrauchen, déi awer op dat Wesent-lecht oppasst, op d'Fonctionnement no bannen, op d'Architektur, esou wéi se aus-gesäit, an op eng Rei wesentlech Prinzipië wat den Energieverbrauch ass, wou mer,

mengen ech, e Prinzip duerchgesat hunn, deen effikass ass an deen eis och laang-fristeg eppes bréngt.

Also mat einfache Moyenen architek- tonesch eppes Wäertvolles kreéieren: Dat ass dat, wat mer hei fäerdeg bruecht hunn. Elo hoffen ech nach, datt mer nom Vote vun dësem Projet och an der Realitéit schnell zur Ëmsetzung kommen an och esou schnell wéi méiglech d'Diere vun deem Projet hei kënnen opmaachen.

Ech soen lech alleguer Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen zur Ofstëmmung.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5676 ass mat 60 Jo- Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par Mme Martine Stein-Mergen), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Thiel), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. Lucien Weiler), Marco Schank (par M. Michel Wolter), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Romain Schneider), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Henri Grethen), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Emile Calmes), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen);

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn um Enn vun der Sitzung. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtteg um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.41 heures)

SÉANCE 41

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Jos Scheuer, Vice-Président

Ordre du jour

- Communications
- 5496 - Débat d'orientation sur la chasse
(Rapport de la Commission de l'Environnement - Débat - Motion - Vote)
- Question avec débat N°16 de M. Félix Braz relative à l'accord-cadre «câble» - Passage à la télévision numérique pour le 31 janvier 2008
- 5638 - Projet de loi portant approbation de l'Accord OTAN sur la communication, à des fins de défense, d'informations techniques, fait à Bruxelles, le 19 octobre 1970

5650 - Projet de loi portant approbation de l'Accord sur le statut des Forces Armées Danoises, Grecques, Italiennes, Luxembourgeoises, Norvégiennes, Portugaises, Espagnoles et Turques lors d'un séjour temporaire en République fédérale d'Allemagne, ainsi que les Déclara-tions sur la juridiction pénale, signés à Bonn, le 29 avril 1998

(Rapports de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration - Votes et dispenses du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Lucien Lux et Jean-Louis Schiltz, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

» M. le Président.- D'Sitzung ass op.

1. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1. Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, a déposé au Greffe, en date du 20 juin 2007:

5737 - Projet de loi portant modification de la loi du 5 mai 2006 relative au droit d'asile et à des formes complémentaires de pro-tection.

2. Par lettre du 20 juin 2007 Madame Viviane Loschetter a informé le Président de la Chambre qu'elle désire interpellier le Gou-vernement au sujet de la prostitution au Luxembourg.

Par lettre du même jour Monsieur Jean Huss l'a informé qu'il désire interpellier le Gouver-nement au sujet de sa politique en matière de pollution de l'habitat et de qualité de l'air intérieur.

3. «Nous voulons que soit reconnue la nécessité d'un lieu, d'une assemblée, où les parlementaires nationaux seraient réunis pour discuter des questions de défense et de sécurité. Cela nous paraît indis-pensable.»

Avec cette déclaration lors de son discours d'ouverture, le 4 juin 2007, de la première partie de la 53^e session de l'Assemblée de l'Union de l'Europe occidentale, le Président

de l'Assemblée, M. Jean-Pierre Masseret, a décrit l'objectif des initiatives que l'As-semblée veut voir se concrétiser dans le cadre du débat sur l'avenir de la Constitution européenne. Et de continuer: «Nous voulons faire reconnaître la nécessité d'un lieu inter-parlementaire consacrant ses travaux, sa recherche, ses débats aux questions de défense et de sécurité dans l'espace et aux frontières de l'Union européenne.»

Le Président a estimé que l'essentiel est de faire la démonstration d'un besoin, celui d'un contrôle démocratique qui, au-delà du Parlement européen, associerait les parle-mentaires nationaux et qu'il «paraît néces-saire d'avoir un cadre juridique de coop-ération renforcé, structuré, qui permette aux acteurs, ou aux États qui le souhaiteraient, d'aller plus loin dans le domaine de la défense».

Après ces mots, le Président a passé en revue les principaux thèmes à l'ordre du jour de la susdite première partie de la 53^e session de l'Assemblée de l'Union de l'E-u-rope occidentale qui a eu lieu à Paris du 4 au 6 juin 2007. Le Luxembourg y a été représenté par le Président de la délégation, Monsieur le Député Marcel Glesener, Madame la Députée Lydie Err et Monsieur le Député Charles Goerens, Membres effectifs, ainsi que par Monsieur le Député Norbert Hauptert, Membre suppléant, les Députés Madame Anne Brasseur et Monsieur Jean Huss, Membres suppléants, s'étant excusés.

Les principaux thèmes figurant à l'ordre du jour de la susdite session ont été:

- les orientations futures de la PESD - conclusions de la conférence de Berlin - réponse au rapport annuel du Conseil;

- le suivi parlementaire des opérations ex-térieures;

- la sécurité dans le Grand Nord avec le discours de Madame Liv Monica Bargem Stubholt, Secrétaire d'État, Ministère des Affaires étrangères de Norvège;

- les groupements tactiques de l'UE - réponse au rapport annuel du Conseil;

- l'UE et la sécurité dans l'Europe du Sud-Est; avec l'exposé de Monsieur Tim Judah, Analyste spécialiste des Balkans à l'hebdo-madaire britannique «The Economist»;

- les forces terrestres européennes dans les opérations extérieures: personnels et finan-cement;

- stabilité et sécurité de l'Europe: l'enjeu de l'élargissement vu par l'opinion publique;

- les commissions et les procédures de recours dans les organisations coor-données, notamment au sein de l'Union de l'Europe occidentale;

- le rôle des forces européennes dans les missions de l'OTAN en Afghanistan;

- l'Agence européenne de défense: deux ans après;

- le déploiement d'armements dans l'espace - deuxième partie, et

- la défense antimissile - une position commune aux Européens.

En outre, l'assistance a pu suivre au cours de la première séance de lundi:

- le discours de M. Georgi Pirinski, Pré-sident du Parlement bulgare;

- le discours de M. Christian Schmidt, Secrétaire d'État parlementaire, Ministère de la défense de l'Allemagne, représentant la présidence allemande de l'UEO/UE;

- le discours de M. Teodor Meleşcanu, Ministre de la défense de la Roumanie et

- le discours de M. Manuel Lobo Antunes, Secrétaire d'État aux affaires européennes du Portugal, représentant la présidence entrante de l'UEO/UE.

L'Assemblée a adopté lors des cinq séances de cette première partie de sa 53^e session une résolution et onze recomman-dations au Conseil.

4. Par lettre du 18 juin 2007 le secrétaire gé-néral du Parlement européen a fait parvenir au Président de la Chambre les documents adoptés par le Parlement européen au cours de sa période de session du 21 au 24 mai 2007:

- position sur la proposition de règlement du Conseil relatif à la conclusion de l'accord entre la Communauté européenne et le Gouvernement de la Fédération de Russie sur la coopération dans le secteur de la pêche et la préservation des ressources marines vivantes en mer Baltique;

- résolution sur le thème «Enrayer la dimi-nution de la biodiversité à l'horizon 2010 et au-delà»;

- résolution sur l'Europe mondialisée: aspects extérieurs de la compétitivité;

- position sur la proposition de décision du Conseil relative à la conclusion d'un deuxième protocole additionnel à l'accord de partenariat économique, de coordination politique et de coopération entre la Commu-nauté européenne et ses États membres, d'une part, et les États-Unis mexicains,

d'autre part, pour tenir compte de l'adhésion de la République de Bulgarie et de la Roumanie à l'Union européenne;

- résolution sur l'impact et les conséquences des politiques structurelles sur la cohésion de l'Union européenne;

- résolution sur le rapport annuel du Conseil au Parlement européen sur les principaux aspects et les choix fondamentaux de la PESG, y compris leurs implications financières pour le budget général de l'Union européenne - 2005;

- résolution sur le thème «Promouvoir un travail décent pour tous»;

- résolution sur les récentes élections au Nigeria;

- résolution sur la communication intitulée «Mettre le savoir en pratique: une stratégie d'innovation élargie pour l'UE»;

- résolution sur la situation actuelle et les perspectives d'avenir au Cachemire;

- résolution sur l'Estonie;

- résolution sur le Soudan.

D'autre part, la déclaration écrite sur l'établissement d'une économie verte de l'hydrogène et d'une troisième révolution industrielle en Europe, sur la base d'un partenariat avec les régions et les villes engagées, les PME et les organisations de la société civile, a recueilli les signatures de la majorité des membres qui composent le Parlement.

Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn haut de Mëtteg um Ordre du jour d'Orientéierungsdebatt iwwert d'Juegd. Dës Debatt geet zrëck op eng Ufro vun der Fraktioun vun deene Gréngen. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Gira, d'Madame Stein, den Här Goerens, déi Hären Negri, Mehlen a Jaerling.

Mir fänken d'Debatt u mam Bericht vum Rapporteur, dem honorabelen Här Romain Schneider. Här Schneider, Dir hutt d'Wuert.



2. 5496 - Débat d'orientation sur la chasse

Rapport de la Commission de l'Environnement

»»» **M. Romain Schneider** (LSAP), *rapporteur*.- Här President, keng Angscht, datt ech elo dee ganze Volume hei virlesen. Ech probéieren e kleng Résumé ze maachen, mä ech wollt, ier et lassgeet, Dir Dammen an Dir Hären, nach eng Kéier weisen, wat fir eng voluminéis Aarbecht an deene leschte véier Joer hei gemaach ginn ass. An d'Chamber huet sech och erlaabt, all dës Piëcen ze bannen an eis herno auszedeele. Ech leeën deen Dossier dann eng Kéier hei nidder, fir nëmmen de Volumen dovun ze weisen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut de Mëtteg féiere mer also den Débat d'orientation iwwert d'Juegd hei zu Lëtzebuerg, deen an deene leschte Jore minutéis geplangt gouf.

An, Här President, Dir gesitt, wéi ech elo gewisen hunn, de voluminéisen Dossier, wou all Deputéierten och d'Annexen zu mengem schrëftleche Rapport ka fannen. Iwwer honnerte vu Säite Pabeier sinn an dëser Mapp a beleeeën nëmmen zum Deel den Opwand, deen an dësem Dossier gemaach gouf. Vun 2003 bis haut, dat heescht also während véier Joer, gouf iwwert d'Thema Juegd hei zu Lëtzebuerg debattéiert a studéiert.

Erlaabt mer als Éischt, de Kommissiounsmitgliedern, déi aktiv un dësem Débat deelgeholl hunn, ze félicitéiere fir hir effikass Aarbecht, awer och net ze vergiessen, de Mataarbechter aus der Chamber, déi eng grouss a laangootmeg Aarbecht realiséiert hunn, souwéi de Responsabelen aus dem Ministère souwéi vun der Forstverwaltung hei Merci ze soen.

25 Kommissiounssitzunge säit Hierscht 2003; een internationale Verglach mat anere Länner, deen intern an der Chamber gemaach gouf; Froebéi mat 17 kloer definéierte Froen iwwert d'Juegd, déi un 20 Organisatiounen verschéckt an agesammelt goufen; national an international Experten, déi Stellung zu deenen eenzelnen Theme geholl hunn; en öffentlechen Hearing mat Vertrieeder vun deene verschiddenen Interessengruppen; en Austausch mat der Agrarkommissioun aus dem Benelux-Parlament beweisen, wéi intensiv an demokratiegerecht dësen Débat d'orientation vibereet gouf.

Här President, erlaabt mer op dëser Plaz net als Rapporteur, mä als Deputéierten d'Wich-

tegheet vun dëse véier Joer laange Virbereedungen ze ënnersträichen, awer och dorobber hinzeweisen, datt et aner op d'mannst esou wichteg Themen a Problemer an eiser Gesellschaft gëtt wéi eist Thema vun de Mëtteg, an ech zum Schluss dee personellen a materiellen Opwand, dee bedriwwen gouf ëm d'Juegd, ëmmer méi schlecht a Relatioun zu der Zäit, déi mer eis hei huele fir aner wichteg Problemer an eise Land wéi Schoul, wéi Logement a wéi Chômage, gesinn hunn. An et ass gutt gewiescht, datt mer eis den 21. Juni als Deadline ginn haten, fir dës Phas vum Débat d'orientation ofzeschleissen, soss hätte mer nach Jore kënnen weiderdiskutieren. Och datt soll emol eng Kéier op dëser Plaz hei gesot ginn.

»»» **Plusieurs voix**.- Très bien!

»»» **M. Romain Schneider** (LSAP), *rapporteur*.- Dir Dammen an Dir Hären, zrëck zum eigentleche Rapport, fir dee wéi gesot eng héich Viraarbecht geleescht gouf. Ech probéieren, e kuerze Raffter duerch d'Aarbecht ze maachen.

No éischten Échanges de vue an der vir-egter Legislaturperiod innerhalb der Agrar- an Ëmweltkommissioun gouf een éischten Entworf vu Froebéi opgestallt. Dëse gouf an der heiteger Legislaturperiod vun der Ëmweltkommissioun ënner hirem President Roger Negri komplettéiert an duerno un 20 betreffen Organisatiounen verschéckt. Nodeem d'Äntwerte vun dësen Organisatiounen erakomm waren, hunn d'Membere vun der Ëmweltkommissioun dës Äntwerten op dës Froen analyséiert a relativ schnell d'Knackpunkter festgehalten.

D'Reform vum Juegdgesetz, d'Relatioun tëscht Juegd an Naturschutz, ekologesche System an Déséquilibre, d'Fidderung, d'Juegdsyndikater, d'Juegdmethoden, d'Juegdzäiten, d'Animaux nuisibles, d'Espaces chassables, d'Aussetze vun net einheimischem Wëld waren d'Schwéierpunkten, déi festgehalen goufen.

Ech erlabe mer elo op déi eenzel Punkten, déi als Prioritéit 1 agestuift goufen, méi ausféierlech anzegoen.

Déi gréisst Diskussiounen an Ausféierungen an der Kommissioun hunn ëm d'Fidderung gedréint. Gewosst, datt et de Moment eng lwwerbevolkerung u Wëld gëtt, an dat virun allem beim Schwaarzwëld, sprécht dem Wëldschwäin, huet d'Kommissioun sech missen eng kloer Iddi iwwert den Impakt vun dëser Fidderung maachen. An dësem Kontext huet eng Expertegrupp vum Musée d'histoire naturelle der Ëmweltkommissioun e Pabeier zur Verfügung gestallt iwwer hir Positioun zu der Fidderung, komplettéiert mat Avisen an Erhiewunge vun aneren Experten.

Dëse Pabeier huet och Referenz gemaach op eng dräijähreg Etüd vun der Madame Cellina, déi si am Kader vun hirem Doktorat gemaach hat. Dobäi koom eraus, datt vun 1.200 Schwéngsbäich 40% Zousatzfidderung enthalen hunn. D'Konklusioun war also, sämtlech Forme vu Fidderung ze verbidden, ausgenommen fir d'Wëld am Fall vun enger Epizootie ze impfen.

Op där anerer Säit fanne mer d'Aussoe vun der Federatioun vun de Jeeër, déi jo och ouni Awand d'accord sinn, an Zukunft d'Fidderung ze verbidden, an allerdéngs drop halen, datt déi sougenannte Kurrung misst bäibehale ginn. Si stäipe sech hei op eng Positioun vum Professor Klaus Pohlmeier, deen dësen Nourissage befürwortet a kloer definéiert Fäll a Situatiounen.

Aner Avisé ginn diskutéiert an ugehéiert: dee vum Professor Walter Arnold, deen deen Agrainage net als positiivt Element bewäert, oder dee vum Professor Hannes Geisser, deen d'Praktik als diskutabel ugesäit. D'Forstverwaltung verweist op d'Schwieregkeet, den Agrainage ze kontrolléieren. D'Ëmweltkommissioun fënnst hei keng eenheetlech Meinung a schlussendlech gëtt ee Kompromëss proposéiert, dee mer an de Konklusiounen, op déi ech spéider aginn, wäerten erëmfannen.

Zweet Thema war de Respekt vun der Propriétéit. Ganz vill gouf hei engersäits den Arrêt Chassagnou debattéiert, dee kloer op Lëtzebuergesch seet, datt net all Propriétéit muss an de Syndicat de chasse kommen, dat heescht Juegd hei ausgeübt ginn.

Deem géigeniwwer steet d'Urteil vun der Cour Institutionnelle aus Däitschland, déi kompatibel deklaréiert de Prinzip vun den Associations forcées.

No dësen Erkenntnisser an no dem Bréif vum Ombudsmann, deen erëm an déi aner Richtung gong, huet d'Kommissioun d'Proposition vun der Regierung akzeptéiert, een Avis iwwert dës Fro ofzemaachen.

Deen Avis juridique, deen ugefrot gouf vum Ministère aus a wou d'Kommissioun gesot

huet, si géif den Avis juridique elo ofwaarden, gouf den 8. Juni de Membre vun der Kommissioun zougestallt. Opgrond vun dësem Avis huet de Rapporteur eng Synthese probéiert ze maachen, déi mat enger Géigestëmm an der Chamberskommissioun akzeptéiert gouf. Och hei verweisen ech op d'Konklusiounen am Schluss vu mengem Rapport.

Derniewent gouf och iwwert d'Syndikatsgesetz diskutéiert an decidéiert, dëst ze reforméieren. Virun allem sollen all d'Propriétaires Matsproocherecht an dëse Syndikater kréien an hei virun allem d'Gemengen. Och soll d'Besetzung vun der Commission cynégétique iwwerduecht ginn, fir och hei alle Partner e Matsproocherecht ze garantéieren.

Thema Nummer dräi waren d'Juegdformen. Als Basis muss een hei gesinn, datt de Moment de Wëldbestand ganz héich ass an doduerch och vill Wëldschued an de Bëscher a bei de Baueren entsteet. Duerfir gëtt weider d'Klappjuegd als déi bescht Method, fir massiv Wëld ze schéissen an esou mann wéi méiglech Wëld ze dérangéieren, festgehalten.

Gewosst ass, datt 75% vum Wëld op Klappjuegd geschoss gëtt. An deem Kontext hu mer och kloer definéiert den Asaz an d'Ausbildung vun de Juegdhënn. Derniewent ass och unanime an d'Richtung diskutéiert ginn, fir an Zukunft d'Klappjuegden nach besser ofzesécheren. D'Sécherheet soll verbessert ginn duerch eng kloer Ausweisung souwéi eng besser Informatioun am Virfeld vun de Bierger.

Thema Nummer véier war de Fuuss respektiv d'Ofschësse vum Fuuss. De Fuussbestand ass an deene leschte Jore gewalteg an d'Luucht gaangen. Derniewent entwéckelt sech dëst op den éischte Bléck léift an unhängelecht Déier ëmmer méi vum Land an d'Tied eran. Dee sougenannte Stadfuuss gëtt ëmmer méi an der Proximitéit vun den Haiser gesinn. Duerch d'Optauche vun neie Fäll vum lwwerdroe vum Bandwurm vum Fuuss op de Mësch gëtt dëst Phenomeen ëmmer méi heikel. Net ze verleege ass, datt mer Ekstremeren vun dësen Déieren op Spillplazen a Sandkëschten erëmfannen. D'Experte goufe gehéiert.

D'Fro ass: Bréngt et eng Reduktioun vum Fuussbestand, wa méi geschoss gëtt, oder ass de Contraire do de Fall? D'Meenungen an d'Schlussfolgerunge waren tendenziell éischter a Richtung vum Net-méi-Bejoe vum Fuuss. D'Kommissioun proposéiert, datt de Minister all Joer beim Opstelle vun der Léschst vun de bejobaren Déieren dës Facteuren nach méi no ënnersicht an a Considéatioun ze huelen huet.

Een anere vill diskutéierte Punkt war d'Aussetze vun net einheimischen Déieren. D'Meenung war eestëmmeg, datt dëst net méi dierf geschéien. D'Beispill vun de Mouflons muss ofschreckend genuch sinn, wann een héiert, wéi aarmséileg dës net einheimesch Déierenaart hei zu Lëtzebuerg muss dohivegetéieren.

Déi Leit, déi dës Dote viru Jore gemaach hunn, müssen endlech zur Rechenschaft gezu ginn. De Minister muss hei eng Handhab kréien, deem entgéintzewierken, opgrond och vun de Remarque vum Conseil d'État beim Projet de loi 5452 iwwert d'Chasse administrative, wou d'Regierung opgefuerdert gëtt, dëse Volet mat an en neit Gesetz vun der Juegd ze integréieren. Dëst ass d'Opfuerderung vun der Ëmweltkommissioun, déi awer drop pocht, dëst dann och esou schnell wéi méiglech ze maachen, fir dësem Trauerspill kënnen en Enn ze maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, opgrond vun all deene Problempunkte goufe punktuell Leit an Organisatiounen gehéiert respektiv Rapporten ugefrot. Fir deene betreffenen Organisatiounen nach méi Gewiicht ze ginn an nach méi Méiglechkeet, sech net nëmme schrëftlech, mä och mëndlech zu deene Punkten ze äusseren, gouf en Hearing an der Chamber de 26. März dëst Joer organiséiert. 36 Organisatiounen ware present. An allen Unkeruffen zum Trotz war et eng Stärstonn vu partizipativer Demokratie, déi hei an dësem Sall gemaach gouf.

Jiddferree konnt fräi an offe seng Meinung zum Thema soen. Vun dëser Säit mä Merci un all d'Participanten un dësem Hearing, fir d'Disziplin an d'Fairness, déi dësen Dag gewise goufen. Mir konnten an der Praxis erliewen, datt et méiglech ass, sech op enger Plaz ze treffen an ënnerschiddlech Meinungen ze diskutéieren, ouni direkt mat de Messeren openee lasszegoen.

D'Informatiounen aus dësem Hearing goufen dann a weidere Kommissiounssitzungen debattéiert an et gouf uge-

faangen e Schlussrapport ze preparéieren. Parallell huet opgrond vun engem offene Bréif vum Ombudsmann den Ëmweltminister en Avis juridique iwwert d'Propriétéitsverhältnissen maache gelooss, wéi ech scho virus zitéiert hat.

No all dësen Débaten an no all dësen Austausch mat net an alle Punkten eenheetleche Meinungen war et net esou evident fir de Rapporteur, Konklusiounen ze zéien. De Rapporteur huet probéiert, esou neutral wéi méiglech un dës Aarbecht erunzegoen a betount hei nach eng Kéier op dëser Plaz, och wann hie schonn déi verréckteste Courrieré zu dësem Sujet krut, datt hie weder Member vun den Interessengruppe vun de Juegdgéigner nach vun deene vun de Jeeër ass an dësen Débat also ganz neutral gesäit a probéiert huet, dat och esou ze behandelen.

Datt net jiddferen déiselwecht Meinung zu deenen eenzelne Sujeten hat, huet een dach schnell gesinn, an et gouf och relativ schnell kloer, datt an eenzelne Problempunkte kee Konsens ze fanne war.

Ech mengen awer, et misst een dem Rapporteur d'Recht ginn, seng Konklusiounen ze zéien, Konklusiounen, déi iwwregens - wéi ech schonn ugedeit hunn - just mat enger Géigestëmm adoptéiert goufen. Konklusiounen, déi bei ënnerschiddleche Meinungen net jiddferengem gefalen, vun deenen de Rapporteur awer der Meinung war, datt eng Majoritéit vu Kommissiounsmitgliedern dohannert sténg.

Wat sinn also dann elo dës Konklusiounen, déi d'Plattform jo solle sinn, fir de Minister an d'Lag ze setzen, iwwer en neit Juegdgesetz nozedenken an en neit Juegdgesetz auszeschaffen?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, opgrond vun all deenen Donnéeën huet d'Kommissioun mat enger Géigestëmm wéi gesot folgend Konklusiounen aus der véier Joer laanger Aarbecht gezunn. An och wann am Virfeld behaupt gouf, dës Konklusiounen géifen näischt um ablëcklechen Zustand an der Situatioun änneren, esou wëll ech an zwielef Punkte probéieren, lech de Géigendeel ze erläutern an déi eenzel Konklusiounspunkten opzielen.

Éischstens: Et gëtt kloer gesot, datt d'Juegdgesetz moderniséiert muss ginn, datt déi verschidden Dispositiounen an e kohärenten Text verfaasst solle ginn. Dat heescht, den Ëmweltminister gëtt beoptraagt, en neie Projet de loi iwwer en neit Juegdgesetz ze deponéieren.

Zweetens: D'Kommissioun war sech fréi schonn eeneg, datt d'Juegd hei zu Lëtzebuerg net a Fro gestallt ass. D'Juegd ass noutwendeg, fir dozou bäizedroen, d'Biodiversitéit ze erhalen an den Équilibre écologique hierzustellen. Dat éischt Zil vun der Juegd ass also den Erhalt an de Schutz vun der Natur. Duerfir war d'Chamberskommissioun och majoritär der Meinung, d'Juegd als Intérêt général ze deklaréieren.

Drëttens: Wat déi verschidde Forme vu Juegd betrëfft, gouf kloer festgehalten, datt d'Klappjuegd muss bestoe bleiwen. Dat fir der lwwerbevolkerung vu Wëld a virun allem dem Schwaarzwëld a relativ kuerzer Zäit massiv entgéintzegoen.

An deem Kontext muss d'Gesetz awer kloer adäquat Sécherheetsmoossnamen an - norme virschreiwen, wann eng Klappjuegd stattfënnst, fir de Bierger mat Zäit drop hinzeweisen.

Niewent der Klappjuegd soll d'Juegd à l'approche ou à l'affût - eng Juegd, déi méi e selektive Schoss zouléisst - stattfannen. Allerdéngs sollt si kuerz an an Intervallë stattfannen. Datselwecht gëllt fir d'Juegdzäiten, déi dëse Kritären och sollten entsprechen.

Véiertens: D'Falestelle muss verbuede bleiwen. Nëmmen an Ausnahmefäll, bei Gefährdung vun der Santé publique oder der Protection de la nature soll si autoriséiert ginn an duerch agréiert Falesteller ausgeübt ginn. Och sollt d'Erschësse vun Hausdéiere verbuede ginn.

Fënneftens: Et solle Mesuren ergraff ginn, fir d'Zesummeliwen zwësche Jeeër a Persounen, déi sief et sportlech oder récréativ am Bësch zirkuléieren, ze verbessern.